LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 30 septembre 2020

**REÇU**
*Par Christine Wirtgen , 14:39, 01/10/2020*

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

**Concerne : question parlementaire n° 2887 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse commune, des ministères impliqués, à la question parlementaire urgente posée par l'honorable Député Fernand Kartheiser.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro Nr. 2887 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

No enger genauer Analys vum rechtleche Kader, hu mir festgestallt, datt d'gesetzlech Basis net zolidd genuch ass, fir eng partiell Quarantän duerchzeféieren. Dofir hu mir jo och entre-temps aner Dispositioune geholl an déi partiell Quarantän ofgeschaaft. Den Avantage vun der partieller Quarantän war effektiv esou ugeduecht, datt domat een Elterendeel Urecht krut huet, op Basis vun der „ordonnance de quarantaine", op de Congé pour raisons familiales, fir dann d'Kanner an der Fräizäit ze betreien. Elo, nodeem de reglementairë Kader vum Congé pour raisons familiales nogebessert gouf, kréien d'Elteren dëst Recht, op Basis vun enger einfacher „Recommandatioun", ouni datt d'Direktioun vun der Santé eng formell Quarantän muss ausschwätzen.

De Prinzip vun der Quarantän ass effektiv, datt déi betraffe Persoun sech vum Rescht vun der Famill ofsonnert, esou gutt wéi dat da méiglech ass. Mir sinn eis natierlech bewosst, datt dëst am Fall vu Kanner, a besonnesch bei klenge Kanner, net esou einfach ze maachen ass, an datt do ëmmer muss gekuckt ginn, wat realisabel ass, a wat vertrietbar ass fir d'allgemengt Wuel vum Kand. D'Recommandatioune vun der Santé sinn an deem Sënn ëmmer nëmme generell Richtlinnen, an all Fall muss individuell adaptéiert ginn. Et ginn z. B. Situatiounen, wou een Elterendeel sech da mat dem betraffene Kand vum Rescht vun der Famill trennt fir e puer Deeg. Ee Kannerpsycholog ass do am Prinzip net agebonnen.

Familljen, déi Froen hunn, kënne sech op der Hotline vum Gesondheetsministère (247-65533) informéieren, respektiv d'Hotline vun der Educatioun (8002 9090) uruffen. Bei Bedarf kënnen d'Leit dann och weidervermëttelen un ee psychologesche Service. Fir e besseren Encadrement vun de concernéierten Elteren a Schüler kënnen ze assuréieren, huet d'Educatioun an all Regioun vun der Grondschoul esou wéi an all Lycée eng Cellule Covid-19 ageriicht, an där och Psychologe matschaffen.

Wa geheeft Fäll an enger Klass virkommen (méi wéi zwee Fäll bannen zwou Wochen), gëtt och elo nach déi ganz Klass an eng richteg Quarantän gesat. De Schoulbetrib fänkt dono erëm un, an engem Moment wou eigentlech da keen aus der Klass méi infizéiert ass. Dëst ass warscheinlech déi effikasste Method, fir d'Ausbreedung vum Virus an enger Klass ze vermeiden, an net mussen iterativ Mesuren ze huelen.